

Mee ech si frou, an engem Land ze liewen, wou ech net de Journaliste soen, wat se ze maachen hunn – et ass meeschtens en Autocontrôle –, an all Organ selwer och fonctionéiert an an enger Période électorale, wéi gesot, en Externen, wéi eng ALIA, déi doten Aarbecht mécht.

Ech akzeptéieren net, dass hei gesot gëtt, dass d'Journalisten am Fong politesch net neutral sinn. D'Journalisten hunn déi Neutralitéit. A wann d'Aktualitéit mat sech bréngt, dass vläicht deen een oder deen anere méi geruff gëtt – an ech mengen, et huet schonn ee gesot, den Här Reding krut en Temps d'antenne déi lescht Deeg –, da proportionell gekuckt zu der Verdeelung vun de Sëtzer, da muss ee sech d'Fro stellen: „Ass dat da richtig oder net?“ Dat ass, well en d'Aktualitéit gemaach huet! Et sinn anerer ... D'Madamm Cecchetti huet elo och eng Zäit d'Aktualitéit gemaach. Jiddwereen heibanne kann ech eenzel huelen.

(Hilarité)

Jiddwereen heibanne kann ech eenzel huele wéinst engem Fait, ob en elo politesch oder net politesch ass, deen dann eeben d'Aktualitéit och mécht. An dat ass esou! D'Press wëll eeben och op d'Aktualitéit kënne reagéieren. An dann ass eeben och, selon l'actualité, deen een oder deen anere vläicht méi am Fokus.

A gleeft mer et – ech weess, vu wat ech schwätzen! –: Vill vun eis hätten am léifsten, si wieren heiansdo manner am Fokus, selon deem, wat geschriwwen gëtt. Ma an enger Demokratie ass et esou! On ne choisit pas ce que l'on écrit sur l'un ou sur l'autre. De Fait soll eebe reportéiert ginn. An den Débat public erlaabt et dann, fir Saache kloerzestellen. Mee ech si frou, an engem Land ze liewen, wou ech net als Medeminister der Press soen, wat se ze maachen huet!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Premier-a Medeminister Xavier Bettel. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8209. Den Text steet am Document parlementaire 8209<sup>2</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8209 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*M. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;*

*M. Roy Reding.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

### 3.7989 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales

Mir kommen dann zum Projet de loi 7989, eng Reform vum Etablissementsrecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht a Rapporteur vun dësem Projet de loi ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme**

**Mme Carole Hartmann** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, den Text, deen ech Iech haut virstellen, modifizéiert d'Gesetz vum 2. September 2011 iwwert den Accès zu den Handwerks-, Handels- an industrielle respektiv verschidde liberale Beruffer. Mir nennen dëst Gesetz „Droit-d'établissements-Gesetz“. D'Gesetz definéiert d'Reegelen, déi eng Persoun respektéiere muss, déi an de virgenannte Beräicher aktiv wëll ginn.

Den 28. Abrëll 2022 huet de Minister vum Mëttelestand de Reformprojet vum Droit d'établissement presentéiert. D'Zil vun der Reform ass, d'Entwécklung vum Secteur vun de klengen a mëttlere Betriber ze dynamiséieren an de Grënnergeescht ze stimuléieren.

D'Reform schreift sech och an den europäesche Kader an. D'Europäesch Kommissioun huet den 12. Mäerz 2014 Recommandatiounen gemaach an d'Memberstaaten encouragéiert, e Kader ze schafen, fir dass viabel Betriber mat finanzielle Schwiegerekeiten effizient kënne restrukturéiert ginn. D'Kommissioun recommandéiert och, éierleche Grënner eng zweet Chance ze ginn an domat de Grënnergeescht ze promouvéieren.

Ech wëll op verschidden Haaptännerungen am neie Gesetz agoen.

Fir d'éischt emol gëtt de Prinzip vum der Nouvelle Chance agefouert. Soumat kritt en Dirigeant d'Méiglechkeet, eng nei Nidderloosungsgeneemegung unzufroen no enger Faillite. D'Faillite ka komm sinn, nodeems e Betrib zum Beispill e wichtege Haaptclient verluer huet oder den Dirigeant vum Betrib krank gouf. An dësem Kontext gëtt eng Commission de la nouvelle chance geschaf, fir d'Viabilitéit vun der neier Aktivitéit vum Antragsteller vun der Nidderloosungsgeneemegung ze bewäerten.

D'Lëscht vun den Handwerksberuffer ginn och uegpass. Et kënn eng nei Lëscht C derbäi. Den Zougang zu de Professionen op der Lëscht C gëtt vereinfacht, andeems an Zukunft keng Qualifikatiounen méi fir dës Lëscht gefrot ginn. Dat ass zum Beispill de Fall fir de Fotograf oder den Agent technique d'immeuble. D'Zil ass et, den Handwerkssektor un d'technesch an d'technologesch Evolutioun unzepassen a méi

Flexibilitéit fir en dynameschen Entrepreneurat ze schafen.

D'Transmissioun vun engem Betrib un e Salarié, deen an dem Betrib schafft, gëtt och vereinfacht. Am aktuelle Gesetz huet e Salarié missen zéng Joer laang am Betrib sinn, fir dierfen de Betrib ze iwwerhuelen. Am neie Gesetz dierf en e Betrib schonn iwwerhuelen, wann en dräi Joer do geschafft huet, mat der Konditioun, dass en déi néideg professionell Qualifikatioun innerhalb vu fénnef Joer kritt. D'Reform vereinfacht op déi Aart a Weis d'Transmissioun vun engem Betrib, wat ëmmer méi wichteg gëtt, well geschat gëtt, dass een Drëttel vun de Betriber an den nächsten zéng Joer wäert de Propriétaire wiesselen.

D'administrativ Demarché ginn da moderniséiert. D'Nidderloosungsgeneemegungen mussen a Form vun engem zweedimensionale Barcode am Betrib affichéiert ginn. Domadder huet de Konsument e besseren Zougang zu Informatiounen iwwert de Betrib.

D'Reform vum Droit d'établissement viséiert och eng verstärkt Kontroll a Saache Geldwäsch a Financement vum Terrorismus. D'Reform gesäit en Austausch vun Informatiounen tëschent der Generaldirektioun vum Mëttelestandsministère an allen anere concernéierten Administratiounen an Autoritéite vir wéi zum Beispill dem Enregistrement an och dem Centre commun.

Et gëtt ee legale Kader geschaaft fir d'Verlounen op kuerz Dauer vun touristesche miwweléeierte Logementer – Typ Airbnb – ab enger gewëssener Unzuel vun Iwwernuechtungen. Dobäi sollen d'Ufuerderungen, wat d'Hygiène an d'Securitéit ubelaangt, méi no erukommen un déi aner Secteure vun den Hotellen.

D'Reform wëll dobäi engersäits d'Fräiheet respektéieren vun deenen, déi just bei Geleeënheet e private Logement verlounen, an anerersäits awer Aktivitéite reguléieren, déi éischter der Aktivitéit vun der Exploitatioun vun engem Hotel no kommen. Dofir gëtt eng cumulativ Limit vum dräi Méint an enger Zäit vun engem Joer zanter dem leschte Verlounen agefouert. Soubal dës Limitt erreecht gëtt, brauch de Bedriber vun der Ennerkonft eng Nidderloosungsgeneemegung.

Dat heescht méi konkret fir déi Exploitanten, déi de Seuil iwwerschritt hunn, dass si eng Formatioun iwwert d'allgemeng Hygiènesreegele vun de Liewensmëttel, d'Modalitéite vum Respektéieren vun deene genannte Reegelen, de Respekt vun de Mënscherechter an de Schutz vu Mannerjärege maache mussen. Dës Formatioun muss innerhalb vu sechs Méint nom Erreeche vum Seuil vun dräi Méint gemaach ginn.

Eng physisch Persoun kann héchstens als Dirigeant vun zwee Handelsbetriber vun der Lëscht A a B zougeloooss ginn, ausser den Derogatiounen, déi d'Gesetz heizou virgesäit.

Wann en Dirigeant d'entreprise e Betrib verléisst, kann en eng provisoersch Nidderloosungsgeneemegung accordéiert kréie fir eng Dauer vu maximal sechs Méint, souguer wann déi besteeënd Geneemegung nach keng sechs Méint al war. Déi provisoersch Geneemegung kann eemol erneiert gi fir nach eng Kéier sechs Méint, ausser a verschidde Fäll, déi och am Gesetz opgefouert ginn. Dëst ass fir ze verhënnern, dass d'Aktivitéit vum Betrib abrupt opgehele muss ginn.

No där provisoerscher Phas gëtt gekuckt, ob de Betrib seng Verflüchtungen wéi zum Beispill déi vis-à-vis vun der Steierverwaltung an de Sozialversécherungen erfëllt huet, éier en eng nei Betribsgeneemegung kritt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, niewent den Haaptadaptatiounen am Gesetz ginn ech op déi vill Avisen an, déi zu dësem Projet de loi virleien.

De Staatsrot hat a sengem éischten Avis eng ganz Rei vun Oppositions formelles gemaach – zwou Stéck dovunner erausgepickt: eng Opposition formelle am initialen Artikel 29 par rapport zur Limitatioun, fir eng provisoersch Autorisatioun ze ginn nom Depart vun engem Dirigeant un e Betrib, dee schonn zanter op d'mannst sechs Méint eng Nidderloossungsgeneemegung huet. De Staatsrot huet d'Fro opgeworf: Wat geschitt, wann den Dirigeant virzäiteng virum Enn vun deene sechs Méint de Betrib verléisst, aus Grënn, déi onverschëlt sinn? Fir de Staatsrot war d'Proportionalitéit bei dësem Artikel net ginn. Doropshin ass dëse Punkt am spéideren Artikel 15 gestrach ginn.

Eng weider Opposition formelle gouf et beim Artikel 7, wou et ëm d'nei Chance geet. Initial stoung am Projet, dass de Minister eng zweet Chance accordéiere „kann“ – eng Fakultéit also. De Staatsrot war net averstane mam Pouvoir disciplinaire (veuillez lire: mam Pouvoir discrétionnaire), deen de Minister op dëser Plaz hat. Et ass dunn amendéiert ginn, dass de Minister eng nei Autorisation d'établissement accordéiert, ouni Pouvoir discrétionnaire.

D'Mëttelstandskommissioun huet zweemol eng Rei vu parlamentareschen Amendementer ugeholl, bis am zweeten Avis complémentaire vum Staatsrot keng Opposition formelle méi opstoung.

D'Chambre des Salariés begréisst, dass d'Annexen 1 an 2 mat de Berufsflächchen A a B vum groussherzogleche Règlement vum 1. Dezember 2011 an dat nei Droit d'établissements-Gesetz integréiert goufen. Dëst gëtt deenen Annexen eng legal Verankerung.

D'Chambre des Métiers begréisst den innovativen Text, dee favorabel ass fir d'Entrepreneursperspektiven am Handwerk.

De Konkurrenzrot sengersäits huet fonnt, dass dat nei Gesetz wäert derzou bäidroen, verschidden Aktivitéiten, virun allem am Handwerk, ze redynamiséieren, wat erméigleche wäert, d'Konkurrenz ze verbessern.

D'Chambre des Métiers begréisst och d'Schafung vun der neier Lëscht C, ass awer der Meenung, dass verschidde Professionen op der Lëscht B anstatt op der Lëscht C hätte solle fungéieren.

Änlech hunn d'Maîtres imprimeurs an hirem Avis gesot, dass d'Beruffer an der Grafik – Métiers de la chaîne graphique – sollen op der Lëscht A bliwen an net op d'Lëscht B kommen.

An d'Chambre d'Agriculture war der Meenung, dass d'Professioun vum Fleurist op d'Lëscht B an net C gehéiert, wat och an der Kommissioun iwwerholl gouf an am Text mat agefloss ass.

D'„zweet Chance“, déi zur „nouvelle chance“ ginn ass, gëtt generell begréisst. D'Chambre des Métiers gradewéi d'Chambre de Commerce hätte sech awer e manner rigide Kader gewünscht, notament wat d'Prise en compte vun der Dette publique ugeet, déi e Concernéierten awer kann hunn.

D'Cour supérieure de justice huet ënner anerem ënnerstrach, dass et künfteg duerch d'Aschränkung, dass ee just Dirigeant vun zwéi Handwerksbetreiber ka sinn, hëlleft, de Recours op Personne-interposéeën ze bremsen.

De Parquet général gradewéi de Parquet vun Dikrech approuvéieren doriwwer eraus d'Opféiere vum Dirigeant d'entreprise am Handels- a Gesellschaftsregister. Domat gëtt assuréiert, dass bei enger Person morale effektiv déi Persoun d'Geneemegung

huet, déi sech am Alleegelechen ëm d'Gestioun vum Betrib bekëmmert.

De Parquet vu Lëtzebuerg huet nach d'Fro opgeworf, ob d'Sous-traitance vun Aktivitéiten, zum Beispill am Beräich vum Handel an Handwerk, soll méi spezifesch am neie Gesetz, wat d'Nidderloossungsgeneemegung ubelaangt, definéiert a reglementéiert ginn.

D'Chambre de Commerce hätt sech trotz Verbesserungen a Vereinfachungen nach méi eng staark Reform vum Droit d'établissement gewünscht. Si gesäit eng Kontradiktioun doranner, datt Handwerksaktivitéite bis elo professionell Qualifikatiounen gebraucht hunn an dass dëst deelweis ofgeschaaft gëtt mat der Introduktioun vun der neier Liste C am Handwerk.

D'Digitaliséierungsefforten, déi gemaach goufe mam neie Gesetz, gi positiv bewäert. D'Chambre de Commerce gesäit hei e wichtege éischte Schratt.

An hirem Avis complémentaire huet si sech dann nach besuergt gewise beim Artikel 4, wou steet: „Le dirigeant [...] assure effectivement et en permanence, par une présence physique dans l'établissement, la gestion journalière de l'entreprise.“ Dat heescht net, dass den Dirigeant all Dag physisch op der Aarbechtsplaz muss present sinn. Et geet éischter drëms, ze verhënnere, dass en Dirigeant aus dem Ausland kann e Betrib hei am Land féieren. E muss kënne beweisen, dass e reegelméisseg physisch a sengem Betrib present ass.

Den Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils huet sech géint d'Dereglementatioun vum Ingénieur-paysagiste a vum Ingénieur indépendant ausgeschwat. Den OAI huet och gefrot, dass d'Professionen notament vum Ingénieur-conseil en génie civil a vum Ingénieur-conseil en génie technique klärifiéiert ginn. De Projet schwätzt an deem Kontext global gesi vum „ingénieur-conseil du secteur de la construction“. Den OAI huet och nach gefrot, dass d'Konditiounen vun der professioneller Qualifikatioun vun den Architekten erëm zrëckgesat ginn op den ale System vu fënnef Joer Studium plus zwéi Joer praktesch Erfarungen.

Fir de Rescht vun den Avisen an all Prezisiounen dozou géif ech op mäi schrëftleche Rapport verweisen.

Ech wëll op dëser Plaz nach e puer Mercie lassginn: der ganzer Ekip vum dem Mëttelstandsministère, déi dës wichtege Reform préparéiert a suivéiert huet an eis an de Kommissioun Ried an Äntwert stoung, dem Här Schmit fir seng exemplaresch Aarbecht an der parlamentarescher Kommissioun an dem Olivia Welsch, dat de Projet bei eis an der Fraktioun suivéiert huet.

Meng Kolleegin a Presidentin vun der Mëttelstandskommissioun Simone Beissel geet duerno fir eis Fraktioun nach op e puer politesch Aspekter vun dësem Projet an. En attendant soen ech Iech elo mol Merci fir d'Nolauschtenen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools der Madamm Rapportrice Carole Hartmann.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Félix Eischen ageschriwwen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Félix Eischen (CSV)** | Merci, Här President. Als Éischt wëllt ech der Rapportrice e grouse Merci soe fir en ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. D'Reform vum Droit d'établissement war néideg a mir begrëssen, dass se an Ugrëff geholl ginn ass. Et ass effektiv wichtege, dass d'Ufuorderungen, fir sech a bestëmmte Beruffer ze etabléieren,

de Realitéite vun eiser Zäit ugepasst ginn. Geneesou wichteg ass et, dass déi, déi dës Beruffer ausüben, och déi richteg an déi néideg Qualifikatioun matbréngen. De Meescherbrëif bleift a ville Beruffer d'Referenz an och dat fanne mir gutt. Dat stärkt eist Handwerk an et bréngt eng zousätzlech Qualitätsgarantie.

Mir stellen awer och fest, dass den Text, deen am Abrëll 2022 deposéiert ginn ass, alles anescht wéi perfekt war an zu enorm villen Oppositions formelles säitens dem Staatsrot gefouert huet. An der Chamberskommissioun hu mer duerfir vill Zäit an Energie investéiert, fir d'Gesetz nozebesseren, och fir de Remarque vun de Beruffschamberen an aneren Interessensvertreeder Rechnung ze droen.

Wat awer um Enn vun dësem Prozess derbäi erauskom ass, ass scho gutt, bleift an eisen Aen awer och nach verbesserungsfäeg. Wann Der erlaabt, eng Rei Punkten, wou dës Feststellung zoutreëft.

De Projet de loi hat virgesinn, dass de Patron vun engem Betrib kann iwwerall am Espace économique européen wunnen, esoulaang hie reegelméisseg zu Lëtzebuerg ass, fir säi Betrib och ze leeden. Dat ass an eisen Aen eng richteg an zäitgeméis Approche. Doraus gouf no enger Serie Amendementer awer, dass de Patron effektiv méi permanent a physisch a sengem Betrib muss present sinn.

Dës Akkumulatioun vu Konditiounen bewierkt de Géigendeel oder riskéiert, de Géigendeel ze bewierken, a mécht d'Presenz am Betrib méi streng wéi sënnavoll a wéi ugeduecht. Ausserdeem geet se géint den technologesche Fortschritt, well se de moderne Kommunikatiounsmethoden net Rechnung dréit. De Gesetzgeber hält och keng Rücksicht op déi Betriber, déi international tätig sinn, an der Groussregioun an doriwwer eraus. Esou eng streng Reegelung bewierkt och riskéiert, ze bewierken, dass Lëtzebuerg als Standuert manner attraktiv ka ginn an dass Dirigeanten aus dem Ausland et sech wäerten zweemol iwwerleeën, éier se sech hei néierloossen.

De Projet de loi huet och eng zweet Chance virgesi fir Leit, déi faillite gongen an en neien Ulaf wëllen huelen. Mir als CSV begrëssen esou eng Form vun „droit à l'échec“ a mir sinn der Meenung, dass een d'Recht huet, aus senger Feeler léieren ze dierfen an eng nei Chance ze kréien. Wat am angelsächsesche Raum gang und gäbe ass, war an eiser Mentalitéit laang schwéier ëmzesetzen.

De Staatsrot huet eis gewisen, dass et och net einfach ass, dës zweet Chance gesetzlech festzehalen. Erais koume Reegelen vum enger neier Chance, bei deenen e puer wichtege Elementer awer op der Streck bliwwen sinn. Zum Beispill wär dëst virgesinn am Fall vu Faillite oder Liquidation judiciaire, leider ass nëmmen d'Faillite zrëckbehalen ginn.

Ausserdem war virgesinn, dass e Rapport vum Curateur vun der Faillite sollt verlaangt ginn an dass de Minister als Konditioun fir eng nei Chance eng Formation an der Gestion d'entreprise ka verlaangen. Dës Ufuorderunge goufe ganz gestrach an dat bedauere mer. Et läit jo am Interêt vun der Saach, dass mir de Kandidat fir eng nei Chance och déi richteg Signaler an déi richteg Outile mat op de Wee ginn, fir datt et am neien Ulaf besser klappt. Rezent hu mir de Projet de loi zur Aide à la primo-crédation d'entreprise gestëmmt, an deem mir – zu Recht! – verlaangen, dass d'Leit, déi eng Hëllef vum Staat kréien, fir e Betrib ze grënnen, sollen adequat geschoult sinn. Dowéinst ass et fir eis ëmsou méi onverständlech, dass mir dës Ufuorderung hei sträichen.

An de Konditiounen, fir eng zweet Chance ze kréien, ass d'Malchance, also einfach de Pech, net opgezielt.



Et ass sécherlech net einfach, dësen objektiv ze beschreiwen a gesetzlech prezis ze definéieren. Trotzdeem ass et awer eng Realitéit, dass een och emol Pech am Liewe kann hunn an domadder och ka mat sengem Betrib faillite gien.

En anere Grond fir d'Faillite ass e substantielle Réckgang vun der Aktivitéit aus Grënn, déi den Dirigeant net selwer kontrolléiere kann. Ee Beispill vun esou enger Situatioun hate mer leider an de leschte Jore mat der Covid-19-Pandemie, während där mir, komplett zu Recht a mat eiser Ënnerstützung, de Betriber duerch zeg Staatshëlfelefen ënnert d'Äerm gegräff hu mat deem Argument, dass dës Pandemie ausserhalb vun hirer Kontroll geschitt ass an datt si eng Ënnerstützung néideg a verdéngt hätten. Firwat hu mer et punktuell gemaach während der Pandemie an elo, während dësen Zäite vu Krich a Präisdeierecht, hale mir dës Realitéit net generell an dësem Gesetz fest? Dëst ass fir eis onverständlech an och schued!

Här President, an dësem Projet de loi gëtt och probéiert, den Droit d'établissement d'Verlounen vu Wunnechten iwwer kuerz Zäit ze regelen. Am Viséier vum Projet de loi ass hei virun allem d'Verlounen iwwer d'Internetplattform Airbnb. Dës Plattform war ursprüngelech geduecht, fir et de Privatleit ze erméiglechen, hir Wunneng fir kuerz Zäit ze verlounen, zum Beispill un Touristen. De grouss Succès vun der Plattform huet awer derzou gefouert, datt, virun allem am Ausland, ëmmer méi Professioneller déi Plattform notzen an datt eng Concurrence déloyale zu der klassischer Hotellerie entstanen ass – „déloyale“ well déi Locatioun weeder steierlech erfaasst gëtt nach gesetzlech encadréiert ass.

An dësem Projet de loi gëtt dann och probéiert, ze differenzéieren tëscht engem occasionelle Verlounen an enger kommerzieller Aktivitéit, an de Seuil vun 90 Iwwernuechtungen am Joer gëtt festgehalen, fir déi eng Aktivitéit vun där anerer ze ënnerscheeden. Ënner 90 Deeg brauch ee keng Autorisatioun, iwwer 90 Deeg schonn, an och eng Qualifikatioun. Esou verstinn et d'Auteurs vun dësem Projet de loi. Mee de Staatsrot weist a sengem Avis en anert Verständnis vun dëser Reegelung, wéi wann een an alle Fäll eng Autorisatioun bräicht. Dat beweist, dass den Text, wéi en eis virläit, nach net ganz kloer ass an zu Problemer ka féieren.

Mir sinn der Meenung, dass et wuel soll erlaabt bleiwen, e Logement fir kuerz Zäit privat ze verlounen, ouni dass een eng Autorisatioun brauch. Wann deem net esou wier, géife mer dat eng ze grouss Brems fanne fir déi privat Locatioun op kuerz Dauer; an dësem Fall géife mir iwwer d'Zil erausschëssen. Mir ginn nämlech hei ze bedenken, dass een déi deloyal Konkurrenz tëscht dem klassische Secteur vun der Hotellerie an dem Airbnb anescht kann upaken, zum Beispill iwwer d'Steieren. Mir kéinten eis zum Beispill virstellen, eng Taxe de séjour anzeféieren, déi de Client zum Beispill ab der drëtter Nüchte géif bezuelen. Dowéinst bedauere mer, dass dësen Aspekt net genuch belicht gouf a sech nëmmen op den Droit d'établissement ageschoss gouf.

Ausserdem riskéiere mir, hei ze séier geschoss ze hunn, well momentan op europäeschem Plang Consultatiounen lafen, fir eng europäesch Handhab op dës Problem ze huelen. An och wann hei nach keng Propos fir eng Direktiv oder en EU-Reglement am Tirang läit, hätt ee sech hei nach kënnen e bësse gedéllegen.

Här President, meng Fraktioun ass frou, dass eng Reform vum Droit d'établissement ugepaakt gouf, mee ass net ganz zefridde mam Ausgang vun dëser Reform. Mat der Reglementatioun vun der Locatioun

vun Immobilien iwwer kuerz Zäit gouf eiser Meenung no ze séier an iwwer d'Zil erausgeschoss. Mir wäerten dëse Projet de loi awer matstëmme mam Wëssen, dass déi nächst Regierung wäert mussen op enger Rei Punkten nobesseren. Ech soen Tech Merci fir d'Nolauschteren a ginn awer mat enger Rëtsch Bedenken den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Eischen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP)** | Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, virop och mäin härezeche Merci un d'Madamm Rapporteur Carole Hartmann fir hiren exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport zu dësem dach laangen a komplizéierte Projet de loi. Mir maachen an dësem Projet de loi e ganze Koup wichteg Ännerungen am Droit d'établissement. Dat Gesetz, dat datéiert vun 2011, huet zwar e puer Reforme kritt, mee et war néideg, et elo op de Metier ze huelen an eng Réforme de fond ze maachen.

Et ass elo schonn e puermol hei ugeklungen, mee et ass jo e richtege Paradigmewissel, wat mer hei operéiere mat deem System, dass en Dirigeant no enger Faillite d'Méiglechkeet huet, relativ schnell erëm eng Autorisation d'établissement unzefroen. E Betrib – a mir wëssen dat alleguerten, et ass haut näischt méi einfach; dat ekonomesch Ëmfeld, mee och déi administrativ Hürden – ass net einfach ze féieren.

An et ass och schonn ugeklungen, ech weess net, Här Eischen, ass et Pech, ass et Schicksal – et kann alles kommen: eng Erkrankung, d'Perte vun engem vun den Hauptclients –; wéi een dat soll qualifizéieren. De Fakt ass, dass domat e Betrib kann an d'Schleidere kommen an deemno wéi an eng Faillite rutschen, och wa kee charakteriséierte Feeler vun den Dirigeanten do ass. An dofir ass et extrem wichteg, dass elo déi seconde Chance, wierklech d'Possibilité de relance fir de Grënner vun engem Betrib, ka kommen, well elo kann een effektiv sech eng Iddi maachen, éischens emol, wéi déi Faillite zustan komm ass, an zweetens ... An dat gëtt jo da geprüüft, well et musse Konditiounen erfëllt ginn, fir dass een eeben erauskënnt an déi zweite Chance do kritt an eng nei Autorisation d'établissement.

Et ass u sech flott, dass mer haut dës Projet de loi kucken, wou mer gëschter en neit Faillitgesetz gemaach hunn, wat, wann ech mech vagement erënnere, vun 1869 mat verschidde Reformen datéiert huet. Dat hei ass net grad esou al. Déi zwee hanken zesammen, well mir wëssen alleguerten, dass mir an engem Land sinn, dat relativ konservativ ass, a wann een eng Faillite gebaut huet, independamment, wéi se zustan komm ass, dann hat een ëmmer eng Zort Makel op der Stier, well ëmmer u sech gekuckt ginn ass, dass d'Creancieren ..., an notament d'Créanciers chirographaires, déi meeschtens schlecht ewechkommen an enger Faillite, da wierklech geplaimt gi sinn, an dofir muss dat och seriö gehandelt ginn. Hei gëtt dat elo ënner Konditiounen, déi ganz seriö sinn, d'Méiglechkeet, eng nei Chance ze ginn, an et ass e Paradigmewissel an et ass absolut gutt, dass mer dat maachen!

Eng zweet Remark, déi ech wollt maachen, dat ass eeben, dass mer e legale Kader schafe fir d'Verlounen vun Taxien, Loueurs de voitures, Loueurs d'ambulances an esou weider; déi kréien e legale Kader.

Airbnb – dat heescht, mir nennen et einfach esou, et ass jo Hébergement de courte durée –, do ass et och extrem wichteg. Jo, et ass en éischte Schrëtt, well dat war e bëssleche Wildwuchs déi lescht Zäit ginn,

an elo gëtt e legale Kader dozou geschafe mat deem heite Gesetz, well et muss jo och eng Gerechtegkeet geschafe gi vis-à-vis vun den Hotellen. D'Hotelle musse ganz streng Konditiounen erfëllen, fir dass se kënnen Clienten empfänken. A mat deem heiten Text gëtt elo Gerechtegkeet geschaaft. En plus ginn awer europäesch Standarde vun Hygiène a vu Sécherheet garantéiert an dat ass jo och am Interesse vum Client, am Interesse vum Konsument.

Et ass och schonn ugeklungen, dass et eng Méiglechkeet gëtt, dat ass och wichteg, dass elo ..., well mir hu ganz oft e Problem an de Famillje vun eisen Handwierker, dass keng Nokommen do sinn, déi wëllen de Betrib viruféieren, an duerfir ass et extrem wichteg, dass mer elo eng Vereinfachung hunn, wou e Salaré kann e Betrib iwwerhuelen, zwar nach ëmmer no strenge Konditiounen, mee da kënnen op d'mannst d'Servicer am Handwierk, an deem do Secteur, bäibehale ginn a souguer verbessert ginn.

Dann hu mer och den Accès zu enger Serie vu Professionen elo gereegelt. Normalerweis huet een ëmmer misse ganz prezis Qualifikatiounen hunn, wann een a bestëmmte Professionen erakënnt. Elo hu mer dat hei méi einfach gemaach. Verschidde Professionen – ech hat et scho gesot: Loueurs de taxis, Location de voitures, Location d'ambulances, den Tatoueur; dat war e grouss Thema an eiser Mëtzelstandskommissioun –, déi kommen elo op d'Lëscht C. Dat heescht, bei der Ausübung vun deem Beruff brauch ee keng spezifesch Qualifikatioun. Mat deem System gëtt da garantéiert, dass och do wierklech genuch Leit do sinn. En anert Beispill, wat Der och kennt, dat ass e Grafiker, an der Chaîne vun de Grafiker. Déi ginn elo vun der Lëscht A op d'Lëscht B gesat.

Mir wëssen, dass am ganze Secteur – an dat ass net nëmmen am Handwierk, mee och am Handwierk –, en extreme Manktum u Leit ass; ech weess net, ob et d'Personal deckt, mee iwwerhaupt d'Leit, d'Collaborateuren ..., a mir mussen alles maachen, fir den Accès zu deene Professionen ze erlichteren, well dat ass déi bescht Garantie, dass mer awer genuch Leit halen an deem Secteur.

Da wollt ech och nach eng Kéier ganz kuerz drop hiweisen, dass administrativ Demarché vereinfacht gi sinn, wat och wichteg ass. Well et gëtt ëmmer geschwat vu Simplification administrative – hei gëtt dat gemaach. Den Droit d'établissement gëtt an dësem Projet esou reforméiert, dass en enger moderner Wirtschaft gerecht gëtt.

Fir eis, d'DP-Fraktioun, ass d'Entwécklung am Secteur extrem wichteg, well Dir wësst, dass all Efforte gemaach ginn, fir Kleng- a Mëtzelbetriber ze stäerken, well si stellen 80 % vum Réckgrat vun eiser Ekonomie duer, brénge ganz ville Salariéen Aarbecht a loossen eis Wirtschaft dréien. An dofir ass et ganz wichteg, dass mer hinnen hei weise mat dësem Projet de loi, dass mer se aktiv ënnerstëtzen.

Wéi meng Virriedner, an haaptsächlech och d'Madamm Hartmann, wollt ech och hei e puer Mercie lassginn; fir d'éischt emol alleguerten de Chambres professionnelles. Et ass schonn ugeklungen: Dee Projet hei war net einfach. Mir hu vill hin- an hiersgeschafft an der Kommissioun. Et sinn Amendemente gemaach ginn. Mir hu geäntwert op d'Oppositions formelles vum Staatsrot. Mee et waren och ganz vill Verrieder vum Secteur, déi eis ganz konstruktiv Advise ginn hunn, wou mer eis konnten op seriö Informatiounen aus dem Secteur baséieren an et fäerdigbruecht hunn, de beschtméiglechen Text ze maachen. Dann natierlech och dem Minister Lex Delles a senger ganzer Ekipp aus dem Ministère e grouss Merci fir déi exzellent Zesummenaarbecht.

An ech mengen, no alleguerten deene Remarque bréngen ech hei mat Freed den Accord vun der DP-Fraktioun a soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Beissel. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Tess Burton. Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll ufänken an der Rapportrice, der Madamm Hartmann, Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Si war ganz ausféierlech an huet scho villes gesot. Mir begrëssen als LSAP dëst Gesetz, et wäert nämlech eisem Entrepreneursgeescht hei am Land eng nei Dynamik kënnen ginn.

Ech wëll e puer Punkten aus dësem Gesetz ervirhiewen, déi eis als LSAP wichteg sinn. Mir vereinfache mat dësem Gesetz den Zougang zu verschiddene Beruffer, andeems keng Formatioun méi gebraucht gëtt, dat virun allem fir kreativ Beruffer a Beruffer, déi sech technesch weiterentwéckelt hunn, wéi zum Beispill dee vum Fotograf.

De Beruff vum Fotograf ass wuel ee vun de Beruffer, déi sech iwwert déi lescht Joren am meeschte verännert hunn. Sou huet ee fréier niewent dem Fotoe maachen och Fotoen entwéckele misse. Dat gëtt haut bal net méi gemaach. D'Fotoe ginn um Computer bearbecht an herno mat enger Imprimante erausgedréckt.

Mee net nëmmen de Beruff vum Fotograf, och nach eng ganz Rëtsch aner Beruffer, wou den Zougang elo vereinfacht gëtt, stinn op der Lëscht C, wéi d'Rapportrice et schonn erkläert huet. Domat vereinfache mer et zukünftegen Entrepreneuren, méi schnell en eegen Geschäft kënnen opzemaachen.

Allerdéngs, d'Chambre des Salariés geet och an hirem Avis dodrop an, bréngt dës nei Lëscht C och eng Rei Nodeeler mat sech, wann een ouni berufflech Qualifikatioun Aktivitéiten nogoe kann, déi en Impakt op d'Gesondheet oder d'Sécherheet kënnen hunn.

Zum Beispill war am initiale Projet de Beruff vun de Fleuristen op der Lëscht C, obwuel et eng Ausbildung fir d'Fleuriste gëtt. D'Rapportrice ass schonn dodrop agaangen. Mee hei ass et gutt, dass d'Fédération horticole nach eemol duergeluecht huet, wiso et net gutt wär, keng Ausbildung als Fleurist ze hunn. Hei goug et eebe grad drëms, dass ee Blummen a Planzen net einfach zesummeleeë kann, ouni Knowhow an ouni hir Eegeschafte ze kennen, well d'Blummen an d'Planzen zum Beispill eng Gefor opweise kënnen, andeems Allergien oder Gëftstoffer ausgeléist kënnen ginn, souwuel fir ee selwer oder och fir aner. Dës Beruff ass deemno erëm op d'Lëscht B gesat ginn.

Här President, nieft der Lëscht vun Aktivitéiten, fir déi keng berufflech Qualifikatioun néideg ass, ginn aner Aktivitéite reglementéiert respektiv encadréiert. D'Rapportrice ass och schonn dodrop agaangen: op Airbnb. Et handelt sech hei ëm eng Plattform, iwwert déi d'Leit hir Wunneng iwwer eng kuerz Zäit verloune kënnen. Dës Praxis stellt den Horeca-Secteur allerdéngs viru grouss Erausforderungen, well doduerch manner Leit en Zëmmer an engem Hotel buchen. 2018 hat Airbnb confirméiert, dass 36.000 Leit dës Service genotzt hunn an am Duerchschnitt souguer véier Nuechten am Land esou verbruecht hunn. Dat wieren also 150.000 Iwwernuechtungen aleng an engem Joer.

Do wëilt ech de Minister froen, ob en do aktuell Zuelen huet, well dat setzt net nëmmen eisen Horeca-Secteur ënner Drock, mee och de Logement ass

dovunner betraff, well eng Partie Appartementer an Haiser esou vum Wunnengsmaart verschwannen. Dofir ass et gutt, dass mir mat dësem Gesetz dës Aktivitéit reegelen. Den Detail hu mer virdrun erkläert kritt.

Des Weideren erméigleche mer et mat dësem Gesetz, dat mer elo hei stëmmen, engem Entrepreneur, deen eng Faillite huet misse umellen, nach eemol eng zweet Chance kënnen ze ginn, andeems en nach eemol eng Autorisation d'établissement vum Ministère ka kréien. Well eng Faillite, déi ugemellt muss ginn, ka ganz ënnerschiddlech Grënn hunn a muss net zréckzeféiere sinn op eng Faillite frau-duleuse.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Tess Burton** (LSAP) | Dës Méiglechkeet, eng zweet Kéier eng Autorisation d'établissement ze kréien, ass och eng laangjäreg Fuerderung vun der Fédération luxembourgeoise des startups. Aleng d'lescht Joer goufe ronn 1.000 Faillitten erfaasst. Dat sinn der vill, mee dorënner sinn oft awer ganz kompetent Leit, déi duerch Pech einfach net reuséiert hunn an nach eemol en Ulaf brauchen.

Ech wëll drun erënneren, dass mer eréischt gëschter dat neit Faillitgesetz heibanne gestëmmt hunn. Mat dësem Gesetz gëtt virun allem och op Preventioun gesat, mee och op d'Méiglechkeet, gehollef ze kréien, wann et engem Betrib net gutt geet. Dat fanne mir als LSAP ganz wichteg, well mer esou Aarbechtsplazen, déi geschaf goufen, kënnen erhalen. Well bei enger Faillite ass et net nëmmen de Patron, deen drënner leit, mee och seng Mataarbechter, déi onsecher Zäite musse matmaache bis zu deem Moment, wou se keng Pai méi bezuelt kréie respektiv hir Aarbecht verléieren.

Här President, e weidere wichtige Punkt am Gesetz ass fir d'LSAP, dass mir engem Salaré an engem Betrib et erméiglechen, de Betrib ze iwwerhuelen, mat gewëssene Konditiounen, dat net wéi bis elo eréischt no zéng Joer, mee elo schonn no dräi Joer. Dës Dispositioun soll Entrepreneuren hëllefen, eng Nofolleg fir hire Betrib ze fannen. Mir droe mat dëser Dispositioun virun allem der Suerg och am Handwierk Rechnung, well grad aleng am Handwierk sinn et haut iwwer 1.000 Betriber, déi elo schonn eng Nofolleg fir hire Betrib sichen. Mir encouragéieren domat Leit, déi de Betrib gutt kennen, sech selbstänneg ze maachen an de Betrib, dee gutt leeft a stabill Aarbechtsplazen huet, ze iwwerhuelen an d'Aktivitéit vum Betrib weiterzeféieren.

Här President, mir fërdere mat dësem Gesetz den Entrepreneursgeescht hei bei eis am Land, andeems mer den Zougang zu verschiddene Beruffer vereinfachen, andeems mer d'Transmissioun vun enger Entreprise un e Salaré vereinfachen, andeems mer et erméiglechen, eng zweet Chance ze kréien, wann een eng Faillite gemaach huet, an andeems mir déi administrativ Demarché vereinfachen.

Domadder ginn ech den Accord vun der LSAP fir dës Gesetzesprojet a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | An ech soen der Madamm Tess Burton Merci a ginn d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'alleréischt e grouss Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Carole Hartmann, déi wirklech e ganz, ganz detailléierten an ausféierleche mündleche Rapport hei op dëser Tribün gemaach huet. Dës Projet de loi moderniséiert eisen Droit d'établissement, esou

wéi et och am Koalitiounsaccord virgesinn ass, an domadder kënn mir als Koalitioun Rout-Blo-Gréng wirklech e ganz grousst an houfregt Kräiz op eiser To-do-Lëscht maachen.

E wichtegen Aspekt, dee mat dësem Projet de loi ...

(Interruptions)

... séchergestallt gëtt, ass, dat e punktuellen Echec net gläichgestallt gëtt mat engem definitiven Echec. Domadder soe wëll ech, dat een ëmmer eng zweet Chance kritt. An dat huet d'Rapportrice och ganz explizitt erkläert. Déi zweet Chance ass immens wichteg, zemools an deem Beräich. Dat ass och de richtige Wee vum Legislateur, dat esou unzegoen, well den Echec gehéiert nun emol dozou.

D'Fro vun der Reglementéierung vun den handwerkleche Beruffer ass relativ delikat. Engersäits ass et kloer, dat mer dat mussen hunn, mee anerersäits ass et wichteg, déi Lat net ze héich ze hänken, well, wéi mer och schonn e puermol hei op dëser Tribün gesot hunn am Numm vun deene Gréngen, et ass allgemeng am Interêt vun de Leit wichteg, Leit ze encouragéieren a se ze motivéieren, sech ze lancéieren an en eegene Betrib opzemaachen. Natierlech soll awer e gewëssenen Accès dozou gefrot ginn, fir dat mer och kënnen eng gewësse Garantie zum Beruff ginn an natierlech och dobaussen d'Leit viru schlechten Aarbechten schützen. Mee e richtigen Equilibre ass hei eminent.

Mir sinn dofir dann och frou, dat beim Metier vum Fleurist oder der Fleuristin, wat och scho virdrun als Beispill vun der Rapportrice genannt gouf, wou u sech driwwer geschwat gouf, deen op eng Lëscht C ze setzen, wou keng Qualifikatioun gefrot gi wier, schlussendlech nom Gespräch mam Secteur sech erausgestallt huet, dat et awer trotzdeem besser wier, déi erëm zréck op d'Lëscht B ze setzen, wou eng gewësse Qualifikatioun gefrot gëtt. Fir eis Gréng ass dat natierlech och an deem Sënn eng Plus-value, well et setzt eng gewësse Voraussetzung, dat ee muss eng gewësse Qualifikatioun hunn an, wéi ech scho virdrun gesot hunn, domadder och e qualitativ-gudde Service dobausse kann ubidden.

Wann ech soen, dat bei der Reglementatioun vu Fall zu Fall och muss gekuckt ginn, ass et wichteg, dat mer och dat fir déi verschidde Beruffer maachen an och am Sënn vun dësem Gesetz. Eis Ekonomie evoluéiert immens séier an déi Beruffer, déi do drënnerfale, evoluéieren natierlech och domadder immens séier. Duerfir ass et an eisen Ae wichteg, bei deem Exercice, dee mat dësem Projet de loi elo hei gemaach gëtt, reegelméisseg nozekucken, wéi d'Effekter vum Gesetz sinn, an och déi Beruffer ze evaluéieren, déi ënnert dëst Gesetz gefall sinn.

Dat gesot soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn natierlech den Accord vu menger grénger Fraktioun. Ech hu mech elo kuerz gehalen, well et ass bis elo wirklech alles ganz explizitt erkläert ginn. Merci villmools.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Ahmedova. An da ginn ech d'Wuert weider un déi honorabel Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Här President, als Alleréischt der Rapportrice e grouss Merci fir hire mündlechen a schrëftleche Rapport. D'Zil vun dësem Projet de loi ass et, fir et de Leit méi einfach ze maachen, e Betrib ze grënnen, dat heescht, fir d'Entrepreneuriat ze stäerken. D'Reform vum Droit d'établissement war batter néideg. Mat dësem Projet de loi gëtt den Droit d'établissement elo méi kloer a méi kohärent.



Här President, heiansdo ass et batter noutwendeg, seng Prozeduren ze iwwerschaffen an nei Gesetzestexten en place ze setzen, déi dann hei an dësem héijen Haus och musse gestëmmt ginn, an zwar souwuel an der Hinsicht vun enger vereinfachter Prozedur wéi awer och op där anerer Säit zum Schutz vu verschiddenen Acteuren, wéi dat hei zum Beispill beim Airbnb och regléiert gëtt. Ze begrëissen ass och, dass hei der Lutte anti-blanchissement Rechnung gedroe gëtt an dass d'Transparenz fir de Consommateur erhéicht gëtt.

**Une voix** | „Anti-blanchiment“, net „anti-blanchissement“.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Antiblanchiment, pardon.

(Hilarité)

Merci, dass Der mech opmierksam gemaach hutt op dës Gaff.

(Interruption)

Här President, wann ech op d'Chiffere vun der Chambre des Métiers vun 2022 zrëckgräifen, kann ech och soen, dass den Artisanat méi wéi 100.000 Emploien am Land schafft, an dat mat bal 8.600 Entreprises. Dëst ass e wichtege Volet fir d'Diversitéit am Beräich Economie an och d'Resilienz an eisem Land oprechtzerhalen. Den Artisanat schafft eng Hellewull verschidden Aarbechtsplazen, an dës sinn net nëmme fir Lëtzebuerg ausschlaggebend, mee och fir déi ganz Grenzregioun. Well wann ee weess, dass mir am Moment an all Secteur eng grouss Penurie u qualifizierten Aarbechtskräften hunn, da weess een och, dass mir grenziwwergräifend den Aarbechtsmarché ofgrasen.

2022 ware 56 % vun de Salariée Grenzgänger/innen. Ouni si géif hei am Land iwwerhaapt näischt méi funktionéieren. Nieft hinne waren am selwechte Joer 32 % auslännesch Matbierger/innen aus dem Land an dëse Secteure beschäftegt a „just“, ënner Guillemeten, 14 % Lëtzeburger. Mir sinn eigentlech komplett ofhängeg vun der auslännescher Main-d'oeuvre, fir dass de Business an eise PIB dréien, a sollten eis och dofir e bësse méi dankbar erweisen, anstatt géint dës Leit weider ze hetzen, wéi Verschiddener vum rietse Bord et gewinnt sinn ze maachen.

Här President, et ass och esou, dass mir vill kleng a mëttelstännesch Betriber hunn, wat mir als déi Lénk och nëmme begrëisse kënnen. 41 % hunn zwëschen 1 an 9 Mataarbechter/innen an 19 % zwëschen 10 an 49 an nëmme 45 % zwëschen 50 an 249. D'Moyenne läit also hei bei 12 Leit. Bei deene klengen a mëttelstännesche Betriber handelt et sech meeschtens ëm Familljebetriber – an deene kënnst dësse Projet de loi mat verschiddenen Dispositiounen entgéint. Déi eeler Patronen a Salariée sinn de Garant fir eng gutt Transmissioun vum Savoir-faire. Si kënnen souwuel am Tutorat an am Mentoring hiert Wësse weiderginn.

Et ass och e Meilesteen, dass de Salarié aus enger Entreprise elo keng zéng Joer méi muss am Betrib geschafft hunn, fir dës kënnen ze iwwerhuelen, mee just nach dräi Joer dofir néideg sinn. Dëst ass ee vun den Artikelen, wou e Spagat gemaach gouf, fir den Droit d'établissement ze vereinfachen. Deen, deen de Betrib iwwerhëlt, huet dann awer fënnef Joer Zäit, fir den Acquis vun alle Qualifikatiounen, déi e brauch, ze maachen.

Här President, eis läit besonnesch d'Handwierk um Häerz. Déi Beruffer musse valoriséiert ginn. Et muss een nees stolz drop kënnen sinn, en Handwerker/eng Handwerkerin ze sinn. An dofir ass et och gutt, dass den Zougang zu gewëssene Beruffer heimadder erlichert gëtt.

Fir dass dat natierlech méiglech ass, muss een erëm eng Kéier e Spagat maachen: Engersäits wëll ee kreative Mënschen, déi sech wëllen a kënnen am Handwierk etabléieren, keng Steng an de Wee leeën, anerersäits muss een awer och am Sënn vum Consommateur an der Consommatrice d'Qualitéit héichhalen. Duerfir sinn och bei bestëmmte Beruffer Viraussetzungen u Formatioun als Bedingung gesat, wat net méi wéi richtig ass. Dee Spagat ass an dësem Projet de loi am groussen Ganzen och gutt gelongen.

Iwwert d'Opdeelung an déi verschidde Lëschte kann een ëmmer nach diskutéieren. Si wierklech just Beruffer an der Lëscht C, déi keng Meeschterprüfung brauchen? Oder stinn der net awer nach vläicht dran, déi besser an enger vun deenen anere Lëschte gestanen hätten? D'Fleuriste sinn do e gutt Beispill. Si hunn et fäerdegbruecht, aus der Lëscht C erausgeholl ze ginn, wat och net méi wéi richtig ass, well een awer gewësse Fäegkeete brauch, déi een duerch dës Formatioun kritt, ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | ... fir kënnen eng uerdentlech Aarbecht ze leeschten an dem Consommateur oder der Consommatrice déi och unzibidden.

Mee wéi ass et mat Taxischaffereuren zum Beispill? Stinn déi wierklech richtig an der Lëscht C? Oder brauch een net awer vläicht verschidde Viraussetzungen, sou wéi d'CSL dat och an hirem Avis schreift? Vläch muss een einfach déi Beruffer aus der Lëscht C am A behalen an, wann et noutwendeg ass, einfach do nobesseren. Et ass jo näischt a Stee gemeesselt!

Mir wäerten dësem Projet de loi net am Wee stoen an e matstëmmen, well en an eisen Ae wierklech e puer grondleeënd Verbesserungen opzeweisen huet.

Här President, mir fannen et och ganz richtig, dass een eng zweet Chance verdéngt, wann et déi éischt Kéier emol net esou gutt gaangen ass mat sengem Betrib. Schliisslech ass net jiddwereen, dee säi Betrib muss opginn, e Gauner. Heiansdo kënnst eng Pandemie, e Krich oder soss en Imprevu an da muss ee säi Betrib leider zoumaachen. An duerfir ass dëst och e Meilesteen an déi richtig Richtung.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Här President, mat dësem Projet soll last minute dann nach e Punkt aus dem Koalitionsaccord vun 2018 ëmgesat ginn. Ech kann direkt virauschécken, dass mir Piraten vill Dispositiounen begrëissen, déi Deel vun dësem Gesetz sinn, dorënner fir d'alleréisch d'Recht op eng zweet Chance fir all déi, déi sech getraut hunn, sech selbstänneg ze maachen, a wou et awer weinst allméigleche Grënn net geklappt huet: Et kënnst vir, dass ee Clienté verléiert, well e méi groussen Acteur op eemol Konkurrenz mécht, weinst Präisdumping oder och, well ee politesch aktiv ginn ass, oder dass ee muss zoumaache weinst Force majeure oder an engem Fall wéi der Covidkris.

Net alles ass beim éischten Ulaaf perfekt, och net onbedéngt am zweeten. Mee dat ass alles mënschlech an dat bedeit net, dass dës Leit net kapabel wieren, eng Entreprise ze geréieren. Mir Piraten si frou, dass d'Recht op eng nei Chance elo endlech kënnst. Et bleift an deem Kontext nach ze soen, dass d'zweet Chance net automatesch kënnst, mee de Minister säin Accord oder Netaccord fir eng nei Autorisation

d'établissement jo vum Avis vun der Commission de la seconde chance ofhängeg mécht.

Mir Piraten si jo der Meenung, dass den Accès zur Autorisation d'établissement misst weiderhi vereinfacht ginn, dëst zum Beispill duerch e Guichet unique. Heira spillt jo de verstärkten Austausch tëscht den eenzelne Ministère an de verschiddenen Administratiounen, déi mir och guttheeschen.

Här President, da begrëisse mir Piraten och, dass mat dësem Gesetz d'Mini-Entreprises e klore gesetzleche Kader kréien a mir elo kloer feststellen, dass ee fir d'Schafe vun enger Mini-Entreprise keng Autorisation brauch. Dat war jo an der Praxis schon esou, mee e klore legale Kader ass ëmmer besser wéi eng Gewunnecht.

Da gëtt jo och nach eng Kéier kloer festgehalten, dass d'Verlounen duerch Plattformen wéi zum Beispill Airbnb – et gëtt och nach anerer – eng kommerziell Aktivitéit ass, dëst wann eng Wunneng oder en Haus méi wéi dräi Méint am Joer verlount gëtt. An anere Länner, déi e méi groussen Tourismussektor hunn, hu scho Logementsproblemer weinst esou Plattformen stattfonnt. An och wann dat hei zu Lëtzebuerg nach keen esou e grouss Problem ass, dann ass awer kloer: No dräi Méint Verlounen ass et net méi eng Ausnam, mee mir schwätze vun enger kommerzieller Aktivitéit.

Här President, eis Piraten ass et wichteg, eis PME ze ënnerstëtzen, wou et geet. 70 % vun de Betriber zu Lëtzebuerg si Familljebetriber an déi gëllt et méiglechst ze erhalen, fir dass och weider Generatiounen kënnen zur Diversitéit vun eiser Wirtschaft an zum Schafe vun Aarbechtsplaze bäidroen. Dofir ass fir eis Piraten d'Erofsetze vun de Krittären, dass d'Aarbechter kënnen e Betrib iwwerhuelen, e gudde Schrëtt an déi richtig Richtung.

Leider kënnen d'Betriber net ëmmer vu Familljemembere weidergefuert ginn, dëst well d'Nofolger feelen oder well déi nächst Generatioun ganz einfach vun hirem Recht Gebrauch mécht, sech fir eng aner Zukunft ze entscheeden, wat och komplett legitim ass. Ma wien iwwerhëlt de Betrib, wa keen aus der Famill kann oder well weidermaachen? Dat muss net d'Enn vun der Firma bedeuten. Verschidde Mataarbechter droen nämlech fundamental zum Succès vun engem Betrib bäi. Si bauen op a si suergen derfir, dass alles leeft. Wann eeben dës Mataarbechter de Betrib wëllen iwwerhuelen, da si mir Piraten der Meenung, dass se dat musse kënnen. Dofir begrëisse mir, dass hinne sechs Méint Zäit gi gëtt, fir déi néideg Examen ze maachen, fir da selwer kënnen Patron ze ginn.

Mir Piraten si generell fir d'Abannung vun treie Mataarbechter, dëst zum Beispill duerch den Actionariat salarié, mat deem een als Mataarbechter ganz offiziell Deel vun der Entreprise gëtt a fir seng gutt Aarbecht belount gëtt. Dëst ass virun allem fir Start-uppen interessant, awer net nëmme. Mir Piraten wëllen esou Initiativen duerch steierlech Begënschtigungen férdere.

Här President, da wëll ech hei och nach op en anere Punkt ze schwätze kommen, dass ass d'Méiglecheit, sech iwwer QR-Coden iwwert d'Entreprises ze informéieren. Mir Piraten begrëissen d'Iddi. Mir hunn an der Vergaangenheet scho parlamentaresch Froen gestallt, wéi een als Privatpersoun am beschte soll nokucken, ob déi Firma, där hire Flyer an der Boîte louch oder déi op Social Media ënnerwee ass, déi bei eng Persoun schelle komm ass, och wierklech legitim ass. Well net jidderee weess vum LBR oder vun de Méiglecheiten, fir d'TVA-Nummeren iwwert de Site vun der EU-Kommissioun oder dem

Wirtschaftsministère ze iwwerpräiwen. De Problem vu Pratiques commerciales trompeuses kéint duerch den obligatoresche QR-Code op d'mannst zum Deel geléist ginn a mir Piraten sinn da gespaant, wéi dat an der Praxis mécht ausgesinn.

Zum Schluss, Här President, wëlle mir Piraten och soen, dass mir als wichtige Schrëtt hei an der Moderniséierung vum Handwerk gesinn, dass elo nieft de Lëschten A a B, wou een, fir eng Autorisatioun ze kréien, eng Meeschter- oder Geselleprüfung muss gemaach hunn, och eng nei Lëscht C opgeet. Et ass wichteg, dass Beruffer wéi dee vum Fotograf elo e gudd legale Kader kréien, deen der Realitéit um Terrain gerecht gëtt.

Verschidden Handwerksberuffer waren am Originaltext jo nach fir d'Lëscht C virgesinn. Si verbleiwen elo op der Lëscht B, wou se eiser Meinung no och higeheieren. Mir si frou, dass duerch d'Amendementen an der Kommissioun hei konnten Ännerunge kommen an d'Beruffer net devaloriséiert gi sinn. Dat wier nämlech genau de Géigendeel vum deem gewiescht, wat mir eis als Politik zum Zil gesat hunn.

D'Valorisation vum Handwerk ass och d'Valorisation vum der Ausbildung. D'Ausbildung dierf net gekierzt ginn, mee muss éischter weider ausgebaut ginn, fir der Digitalisation gerecht ze ginn. Dat ass eng Erausforderung, där sech déi nächst Regierung hoffentlech unhëlt, an den nächsten Educationsminister oder déi nächst Educationsministesch – do gëtt et an der Press jo ewell e puer Kandidaten, déi sech schonn ugekënnegt hunn – hält dann och hoffentlech op, d'Ufuerderunge fir d'Beruffer ëmmer nëmmen erofzeschrauwen.

Merci dem Carole Hartmann fir dee gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mir ginn den Accord vun de Piraten.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Mëtzelstandsminister Lex Delles.

#### **Prise de position du Gouvernement**

**M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes** | Ech war nach net prett, Här President, entschëllegt mech. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosst mech fir unzefänken der Rapportrice Carole Hartmann e ganz grouse Merci soe fir dee ganz gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech mengen, et huet jiddwereen et gesot: Et ass e ganz wichteg Gésetz hei, well – an d'Madam Cecchetti hat en eng Keier ernimmt – wa mer vum dem Droit d'établissement schwätzen, schwätze mer vu ronn 32.000 Betriber hei zu Lëtzebuerg, schwätze mer vu 210.000 Salariéen, déi an esou Betriber beschäftegt sinn.

Ganz grouss Changementen, déi mer hei maachen, si schonn ënnerstrach ginn. Loosst mech just nach eng Keier op zwee Stéck ganz kuerz agoen. An zwar éischters geet et ëm d'Simplification administrative. Et gëtt ëmmer erëm vum der Simplification administrative geschwat, ma hei am Text ass se reellement dran, déi mat sech bréngt, dass mer op där enger Säit digitaliséieren an op där anerer Säit awer och kucken, dass mer de Once-Only-System hei aféieren. Am Moment ass et esou: Wann een eng Modifikatioun mécht vum engem Gerant zum Beispill, muss een dat op zwou verschidde Plazen ofginn an zwar um Register an dann och um Ministère Bescheid soen. An Zukunft geet et op enger Plaz duer an automatesch gëtt hannendrun d'Modifikatioun gemaach.

Dat bréngt och mat sech, dass mer en duebele QR-Code kënnen aféieren: op där enger Säit de QR-Code,

fir ze kucken, ob d'Autorisation wierklech valabel ass, an op där anerer Säit e QR-Code, fir dass och de Client ëmmer erëm ka kontrolléieren, ob – an hei schwätze mer vum der Protection des consommateurs – déi Autorisation nach ëmmer valabel ass.

Bis elo war et esou, dass een eng Autorisation eng Keier krut. Dee Pabeier hat een ëmmer am Grapp. Op där anerer Säit ass et elo mam QR-Code esou, dass à tout moment, wa Modifikatiounen kommen, déi automatesch digital ofgespillt ginn. Et scannt een en an et gesäit ee mat engem System vum GouvCheck rout oder gréng – ass d'Autorisation valabel oder ass se et net? –, soudass een do direkt, an ech mengen, et war och ugeschwat gi vum Här Goergen, hei als Client gesäit: Gëtt et déi Entreprise oder gëtt et se net? Huet se zougemaach? Krut se d'Autorisation ewechgeholl oder besteet se nach? Dat ass e ganz wichteg Volet, fir och do de Konsument kënnen ze protegéieren.

Et geet also an deem ganzen Text hei drëm, den Entrepreneursgeescht nach weider ze stäerken. Mir hu vum der Transmission d'entreprise geschwat. En Drëttel vun den Entreprisë wäert an Zukunft kënnen vum enger Transmissioun vum der Entreprise betraff sinn. Hei geet et och drëm, dass mer et dem Salarié an der Entreprise nach méi vereinfachen, fir dass en och kann d'Entreprise net méi no zéng Joer, mee no dräi Joer iwwerhuelen. Natierlech muss en déi néideg Qualifikatiounen maachen, huet och duerno nach Zäit fir weiderzefueren.

D'Dynamiséiere vum Artisanat an et den neie Realitéiten unzepassen, well et mat der Introduction vum der Lëscht C ... D'Beispill vum Fotograf ass dat flagrantsten. Et huet ee missen eng Formation maache bis elo, wou ee mat de Chemikalie geschafft huet, fir kënnen Fotograf ze ginn. Haut brauch een déi Chemikalien net méi, also ass d'Formation och eng aner. Si gëtt och net méi esou ugebueden, soudass de Fotograf elo e Metier C ass, fir do kënnen weiderzefueren.

Et ass déi éischte Keier an engem Text, wou d'Sharing Economy och definéiert gëtt. Bei der Sharing Economy – an ech mengen, och am Koalitiounsaccord vun där Regierung steet ganz kloer dran, dass mer d'Sharing Economy wëlle stäerken – musse mer awer parallell dozou kucken, e Spagat ze maachen, dass op där enger Säit déi normal traditionell Activité commerciale, an dësem Fall d'Hotellerie, awer net eng Concurrence déloyale huet par rapport zu Sharing-Economy-Plattformen wéi zum Beispill d'Location à courte durée vu Wunnenge fir Touristen, déi op Lëtzebuerg kommen. Hei zéie mer e ganz kloer Stréch, wou mer soen: No 90 Deeg fäls de aus der normaler Sharing Economy eraus an du gees an eng Activité commerciale.

Et gëtt oder et kann ee sech virstellen, am Ausland huet ee schonn dovun héieren, dass eng ganz Residenz mat eenzelen Appartemenen iwwer eng Sharing-Economy-Plattform verlount gëtt a mer dann am Fong an engem Stil Hotel sinn, dee fonctionéiert, awer ouni Qualifikatiounen, ouni Keier, ouni Sécurité, ouni Hygiène, déi muss garantéiert ginn. Dat ass eng Concurrence déloyale an dofir soe mer hei ganz kloer: No 90 Deeg bass de an engem Activité commerciale, also brauchst de och dofir eng Autorisation d'établissement an déi néideg Qualifikatiounen wéi och all aneren Hotelier, deen déi nämleche Aktivitéit mécht wéi ee selwer.

Et ass awer nach een Detail, deen net ugeschwat ginn ass, deen awer ganz wichteg ass: Et sinn eng Rëtsch Metieren, déi bäikomm sinn, déi och reglementéiert sinn. Een dovunner ass den Apporteur d'affaires am Logement. Bis elo ass et esou, dass

den Immobilienagent definéiert ass. Dee muss eng Formation maachen, fir dass e kann duerno exercéieren. Den Apporteur d'affaires war eng Grozon bis elo. Dat ass déi Persoun, déi am Fong tëschent engem Privaten an engem Agent immobilier ass. Déi ass och hei reglementéiert, muss also och déi Formation maachen, kloer definéiert, muss also do kënnen déi nämleche Qualifikatiounen hu wéi en Agent immobilier.

Loosst mech just nach op dräi Punkten agoen. Éischters war vum Här Eischen no der Taxe de séjour gefrot ginn. Déi hei Regierung huet sech ganz kloer, an ech hunn et och schonn op där Plaz gesot, géint eng national Taxe de séjour ausgeschwat. Dat wäert net kommen. Mir sinn och hei am Fall vum der Autonomie communale. Ech mengen, Mamer, d'Gemeng, déi Der vläicht och besser kennt, do kënn Der vläicht och eng Keier mat deene schwätzen, déi hunn eng eege Gemengentax agefouert. Dat kann ee selwer maachen, wann een dat wëll maachen. Mee d'Regierung wäert keng national Taxe de séjour aféieren, a scho guer net iwwert den Droit d'établissement, well dat definitiv déi falsch Plaz ass, fir esou eppes ze maachen.

Zweetens d'Kritik iwwert déi auslännesch Qualifikatiounen, fir zu Lëtzebuerg kënnen eng Entreprise ze geréieren. Et geet eis drëm, dass mer hei zu Lëtzebuerg Substanz hunn. Mir wëllen – an dat weise mer och ganz kloer mat deem Text hei – keng Brëifboitten oder aner Entreprises hei hunn. Mir mussen eng Substanz hei hunn. Mir wëlle keng Abusen hei zu Lëtzebuerg hunn.

Mir wëllen och net méi, an et gesäit een och mat den Autorisationen, déi ee muss hunn ... Wa mer vum engem Metier A schwätzen zum Beispill an et ass een an der Pensioun, konnt ee bis elo seng Autorisation verschidde Betriber einfach zur Verfügung stellen, wou een da konnt eng Zort Loyer fir seng Autorisation kréien. Och dat hu mer hei ganz kloer limitéiert, andeem mer dat op zwee limitéiert hunn, ausser Exceptionen, dass een an engem Betrib ass, wou et méi Autorisationen gëtt an esou weider an esou weider, mee och do ganz kloer e Kader gesat, dass mer wëllen d'Substanz hei zu Lëtzebuerg hunn an den Dirigeant vum der Entreprise, deen och weess, a wéi enger Entreprise en ass, an och an der Entreprise aktiv ass; dat, fir de Betrib an awer och d'Salariéen an d'Clienté kënnen ze protegéieren.

De Volet vum der Faillite: E ganz wichtigen Deel ass hei d'deuxième Chance, also d'nouvelle Chance. Am Ufank huet se „deuxième chance“ geheescht. Duerno, nom Avis vum Staatsrot, ass jo gesot ginn: „Wat ass, wann eng drëtze Keier kënn?“ Jo, et gëtt also eng nouvelle Chance, déi een hei ka kréien. Do hu mer extra am Commentaire och déi verschidde Cas-de-faillite beschriwwen, wou mer soen: Bei enger Pandemie, ma dat ass d'Regierung oder d'Chamber geet op de Wee, aus gesondheetleche Grënn e Betrib zouzemaachen. Ma da kann et jo net sinn, dass déi nämleche Administratioun duerno seet: „A nee, stopp! Du hues zougemaach, du bass faillite gaangen, mee bon, dofir kriss de awer elo keng Autorisation méi!“

Dofir, och déi Fäll sinn hei ganz kloer definéiert, fir ze soen: „Majo, wann esou eppes kënn, da kriss de eng zweet Autorisation, fir kënnen weiderzefueren.“ An och mat de Scholden, mat där neier Kommissioun, déi do gegrennt ginn ass, gëtt da gekuckt. Well wéi ass et bis elo? Mir soen am Fong: „Trau Dech! Lancéier Dech! Mee wann s de faillite gees, da maache mer awer den Deckel drop!“ Dat ass net d'Volontéit vum der Regierung. Mir wëlle gäre soen: „Trau Dech!“ Mir kucken éischters mat där Saach, wou mer déi nei Aide primo-créateur en place gesat hunn, fir ze



soen: „Trau Dech! Du kriss während sechs Méint nach eng Aide vun 2.000 Euro fir unzekommen. A wann et schifgeet, kucke mer, eng Léisung ze fannen, well et ka sinn, dass deng Iddi ganz gutt war, mee et war vläicht de falsche Moment oder du kanns vläicht keng Gestiou vum der Entreprise maachen. Da kriss de eng Formation an da kanns de weiderfuere.“ Mir wëlle gären d'Entrepreneuriat stäerken, dat ass e ganz wichtege Volet.

Ech war gefrot ginn no Zuele vun Airbnb. Déi hu mer net, well et am Moment nach keng Base légale gëtt fir Zuelen. Et gi verschidden Zuelen, déi kurséieren. Mat deem heite Gesetz kréie mer déi Zuelen awer, well mer hei nämlech ganz genau gesinn: Ma dat do an dat do sinn déi verschidde Bienen, déi et gëtt hei zu Lëtzebuerg. Wéi een ass iwwer 90 Deeg erausgaangen? An domat hu mer dann och de Contrôle hannendrun a kréien dann och Zuelen.

Et ass awer eng europäesch Direktiv ënnerwee, fir eeben eng Identifikationsnummer op all eenzelne Logement ze setzen. Mir wëllen hei awer déi Sharing Economy ganz kloer definéieren, bevir dat dote kënn, well et de Moment ass, fir heimat weiderzkommen, an net op d'Direktiv waarden, well hei an där Direktiv geet et am Moment just ëm déi Identifikationsnummer, wou een da kann de Contrôle maachen. Mat deem heiten Text kënnen mer mat de Plattformen och de Contrôle maachen a mir gesinn, wéi et viruegt.

Ech sinn awer ganz frou, dass iwwert d'Blanchisserie geschwat ginn ass, well de Metier vum Blanchisseur ass an Zukunft och nach e Metier B – an natierlech ass de Blanchiment och an deem Text e ganz wichtege Volet!

Ech soen Iech alleguete villmools Merci.

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools dem Här Mëtzelstandminister Lex Delles. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7989. Den Text steet am Document parlementaire 7989<sup>23</sup>.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 7989 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen an 1 Nee-Stëmm uegholl.

(Interruption)

Dat heescht, domadder ass elo awer de Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen uegholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloesener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Fred Keup ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis ;*

*M. Roy Reding.*

(Interruptions diverses)

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## **4. 8009 – Projet de loi portant modification :**

**1° de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière ;**

**2° de la loi modifiée du 29 avril 1983 relative à l'exercice de la profession de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire ;**

**3° du Code de la sécurité sociale**

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8009 iwwert de Virage ambulatoire. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun deem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo.

### **Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)**, rapporteur | Merci, Här President. A bei deem Projet wannechgelift dee richtige Knäppchen drécken!

(Brouhaha)

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Hären, de Projet de loi 8009, besser ënnert dem Begrëff „Virage ambulatoire“ bekannt, ass e ganz wichtige Projet. Opgrond vun deene Poleemiken, déi en ausgeléist huet, sinn ech méi wéi eng Kéier gefrot ginn, ëm wat et eigentlech geet. Dofir eng Rei vu Virbemerkungen:

Den éischten Objektiv vun deem Gesetz ass et, d'Fundamenter vun eise Gesondheetssystem ze confirméieren an ofzesécheren. Eise Gesondheetssystem zeechent sech jo aus duerch den universellen Zougang zu deene beschtméigleche Gesondheetssleeschungen, egal wéi vill een a sengem Portmonni huet – a mir sinn amgaang, drun ze schaffen, déi kleng Lächer, déi et nach am Netz gëtt, definitiv ze stoppen –, e baséiert op dem solidaresche Finanzement an e séichert duerch den obligatoresche Konventionnement vun de Prestatairë fest Tariffer.

Zweetens schafe mer déi gesetzlech Basis fir nei Strukturen, déi ausserhalb vun de Spideeler a méi no bei de Leit entstoe sollen, dëst zesumme mat den an net géint d'Spideeler. Et geet awer och ëm d'Autorisatioun bezéiungsweis d'Netautorisatioun vu schwéieren Ekipementer wéi IRMen – awer net nëmmen déi –, déi bis elo de Spideeler reservéiert waren, och ausserhalb vun de Spideeler. Dëst ass noutwendeg ginn no enger Rei vu Gerichtsurteler, déi zu engem gesetzleche respektiv reglementaresche Vide gefouert hunn.

De Virage ambulatoire bedeit also, dass de Patient fir eng Rei Behandlungen, déi keng Iwwernuechtunge verlaangen, net méi muss an d'Spidol goen.

Selbstverständlech behalen awer och d'Spideeler hir ambulant Traitement, déi an deene leschte Joren däitlech ausgebaut goufen.

Et muss ee wëssen, dass dat aktuell Spidolsgesetz fir eis véier Centres hospitaliers, de CHL, d'Hôpitaux Robert Schuman, de CHEM an d'Nordspidol, jee weils bis zu dräi Standuerter erlaabt. De CHL, d'Hôpitaux ..., allen dräi, déi dräi ausser dem Nordspidol, bedriewen an der Zwëschenzäit déi dräi Sitten, an d'Nordspidol kritt deemnächst mat der Schlackéier deen drëtte Site derbäi, mat engem IRM.

Zousätzlech Antenne vun eise Spideeler sinn deemno mam jëtzege Spidolsgesetz net méi méiglech. Well awer d'Populatioun weider wüsst an domadder och d'Besoinen u medezinnescher Fleeg, schafft dëst Gesetz d'Méiglechkeet, dass Antenne vu Spidolsservicer op neie Sitte geschafe ginn. Dobäi gëtt d'Philosophie vum Spidolsgesetz awer respektéiert, déi Philosophie, déi seet, dass een net iwwerall alles ubidde soll. Betraff si follgend Servicer: d'Dialys, d'Dageschirurgie, d'Onkologie, d'Imagerie médicale, wouzou och ëmmer och déi schwéier Diagnosticekipementer IRM, Scanner, Mammograf an esou weider gehéieren.

D'Initiativ vun deenen neie Strukturen kann esouwuel vun engem Grupp vun Doktere wéi och vun de Spideeler ausgoen. D'Zesummenaarbecht vun den Dokteren – an dat ass an deem Text ganz wichteg – an de betraffene Spideeler gëtt iwwer Konventionne gereegelt a betrëfft déi Apparater an Ekipementer, déi an der Annex 3 vun deem Gesetz stinn. Fir de Rescht sinn d'Doktere fräi, déi Zentren esou ze organiséieren, wéi se et fir richtig halen.

Wat déi Apparater betrëfft, déi an der Annex 3 stinn, do gëtt duerch Konventionne mat de Spideeler e Lien mam Spidol geschafen. Dëst ass wichteg, fir eng Continuité des soins ze erméiglechen. Et erméiglecht och, dass d'Dokteren un de Services de garde bedeelegt ginn an natierlech och, dass fir d'Personal déi selwecht Konditionne gëlle wéi an engem Spidol, well duerch d'Penurie vum Personal si mer an esou enger Situatioun, dass mir eis keng Konkurrenzsituatiounen tësche Spideeler an neie Strukturen kënnen erlaben.

Dës zousätzlech nei Sitte wäerten dann och mat effentleche Gelder kënnen finanziert ginn, esou wéi et haut scho fir déi besteend Spidolinfrastrukturen de Fall ass a wou de Fonds spécial des investissements hospitaliers seng Roll spillt an 80 % kofinanziert. Esou ka séchergestallt ginn, dass den Zougang fir jiddweree garantéiert ka ginn.

Well esou Projeten awer erfahrungsgeméis relativ laang kënnen daueren, bis dass se geplangt, gebaut an a Betrib geholl ginn, besteet hei och d'Méiglechkeet, op existent Sitten zrëckzegräifen. Dës kënnen dann als Sites ambulatoires fonctionéieren. Hei kann dann och eng Locatioun souwuel fir d'Gebailchekeete wéi fir d'Apparate bezuelt ginn. Fir dës Sitte gëtt dann och en neie Finanzéierungsmodell duerch Forfaiten agefouert. Dës Forfaite gi vun der CNS iwwerholl.

Wat elo d'Apparater betrëfft, déi net an der Annex 3 stinn, déi därer selbsterständlech an Dokteschpraxissen opgestallt a bedriwwen ginn. Och fir dës Apparate gesäit dëse Projet méi Flexibilitéit vir. Dofir gëtt mat deem Gesetz och de Code vun der sozialer Sécherheet esou ëmgeännert, dass hei och e forfaitaire Finanzement pro Duerchgang méiglech ass.

Duerch dës Virgeewäis wäerten nei Zentren do entstoen, wou se Sënn erginn, an net nëmmen do, wou se am meeschten erabréngen. Et geet deemno drëms, e Wildwuchs ze verhënneren, e Wildwuchs, deen et zum Beispill an engem vun eisen Nopeschlänner gëtt a wou se am Moment amgaang sinn, ganz zolidd zrëckzerudder.